ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Moment mussen hei am Land Mënschen, déi sech géint de Coronavirus wëllen impfe loossen, virdru vun engem Dokter ënnersicht ginn. Den Dokter selwer oder d'Infirmière mécht dann d'Impfung. De Kampf géint Corona ass awer eng national Urgence, an et misst alles ënnerholl ginn, fir esou séier wéi méiglech sou vill wéi méiglech Leit géint déi Krankheet ze impfen.

An deem Kontext hunn ech folgend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Ginn et Iwwerleeungen am Gesondheetsministär, fir verschidde Beruffsgruppen an Zukunft auszebilden, fir kënnen am Noutfall (z.B. wann net genuch Infirmièren zur Verfügung stinn) Mënschen ze impfen?
2. Wa jo, u wat fir Beruffsgruppe gëtt dobäi geduecht a wéi sollen déi Beruffsgruppe forméiert ginn?
3. Wéi soll d'Prozedur vun der Impfung an deem Fall ausgesinn?
4. Ween iwwerhëlt an deem Fall déi medizinesch Verantwortung vum Akt vun der Impfung?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742